LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 4 février 2021

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 16:38, 04/02/2021

Objet: **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n°3376 posée par les honorables Députés Monsieur Sven CLEMENT et Marc GOERGEN au sujet des « achats de vaccins contre la Covid-19 par l'Union européenne ».**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire n°3376 du 4 janvier 2021 de Messieurs les Députés Sven CLEMENT et Marc GOERGEN.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

Gemeinsam Äntwert vum Premierminister, Staatsminister, Xavier BETTEL, vum Aussen- an Europaminister, Jean ASSELBORN a vun der Gesondheetsministesch, Paulette LENERT op déi parlamentaresch Fro n°3376 vun den honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT a Marc GOERGEN

Ad 1.

Aus den Informatiounen, déi der Regierung virleien, geet Folgendes ervir: de virgezunnene Kafvertrag deen d'Europäesch Kommissioun den 20. November 2020 mat BioNTech-Pfizer ofgeschloss huet, gesäit 200 Milliounen Impfdosen vir, mat enger Optioun op 100 Milliounen zousätzlech Dosen; de virgezunnene Vertrag deen d'Europäesch Kommissioun den 4. Dezember 2020 mat Moderna ofgeschloss huet, gesäit 80 Milliounen Impfdosen vir, mat enger Optioun op 80 Milliounen zousätzlech Dosen.

Offeren vun den Hiersteller fir zousätzlech Impfdosen ze kafen, gin als éischt vun den Servicer vun der EU-Kommissioun, déi d'Kaafbedingungen aushandelen, traitéiert. Deemno huet EU-Kommissioun kierzlech en Zousatzvertrag mat BioNTech-Pfizer ofgeschloss fir de Kaf vu bis zu 300 Milliounen zousätzlechen Dosen vum Impfstoff Comirnaty. Rezent huet EU-Kommissioun d'Offer vu Moderna fir 150 Milliounen zousätzlech Dosen ze kafen ugeholl.

Ad 2.an 3.

Et ass richteg, datt d'lescht Joër, wéi d'EU-Kommissioun Verhandlunge mat de potenzielle Kandidate fir d'Hierstellung vun engem Impfstoff géint den Covid-19 agaangen ass, verschidden Hiersteller méi wäit an den klineschen Studien ware wéi anerer. Allerdéngs war et zu deem Ament nach net méiglech, viraus ze gesinn, wéi ee Kandidat eng Zouloossung géing kréien a wéi schliisslech de Rapport Notzen-Risiko géing ausfalen. An dem Kontext wollt sech d'EU-Kommissioun mat fréie Bestellungen e breeden an diversifizéierte Portfolio séchere fir genuch Quantitéiten un Impfdosen disponibel ze hunn, an esou d'Besoins vun der gesamter europäescher Bevëlkerung ofzedecken.

Déi virgezunne Kafverhandlungen goufe vun der EU-Kommissioun am Numm vun den EU-Memberstaaten gefouert. De Kalenner fir d'Ofschléissen vun den jeeweilege Verträg war u Fortschrëtter vun de Verhandlungsgespréicher gebonnen. Vu datt de Grand-Duché, wéi déi aner EU-Memberstaaten och, net an déi Verhandlungen agebonnen war, huet d'Regierung keng weider Detailer zu dëse Gespréicher.